PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Landwirtschaft weiderzeleeden.

Hei am Land kritt een op verschiddene Plaze Homarden an anerer Krustendéiere als lieweg lesswuer ze kafen. D'Homarde gi mat Keefeger um Mieresbuedem gefaangen a verhongeren deelweis an dësen, ier se aus dem Waasser gezu ginn. Homarden sinn schmerzempfindlech Déieren, déi virun allem Hëtzt net verdroen. Trotzdem ginn hinnen nach ëmmer d'Schéieren zesummegebonnen a si gi lieweg a kachend Waasser gehäit.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Autorisatiounen a Pabeiere brauch eng Persoun oder Firma fir de Verkaf vun liewege Déieren am Allgemengen?
   Brauch et eng speziell Autorisatioun fir de Verkaf vun liewege Homarden?

2. 1. Wat fir Haltungs-Standarde ginn et bei der Haltung vun Homarden ze respektéieren, vun der Aféierung an eist Land bis zum Verkaf an engem Geschäft oder Restaurant un de Consommateur?
   2. Wat fir Standarden si beim Transport vum Déier bis bei de Consommateur anzehalen?
   3. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass dës Standarde genügend sinn?

3. Wat fir weider Déiere kënnen, wéi den Homard an aner Krustendéieren, als lieweg lesswuer verkaaft ginn?

4. Deelen d'Ministeren d'Meenung, dass et net am Sënn vum Déiereschutz ass, fir den Déieren d'Schéieren zesummen ze strécken, se a klengen Aquariumen ze halen, fir se da schlussendlech lieweg a kachend Waasser ze geheien?

5. Gesinn d'Ministeren hei ee méigleche Konflikt mat der Verankerung vum Déiereschutz an der neier Verfassung souwéi am Déiereschutzgesetz vun 2018?

6. Wäert de Verkaf vu liewegen Déieren zu Lëtzebuerg weiderhi legal bleiwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député